LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 09 DEC. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 DEC. 2019

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

<u>Objet</u>: **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État et de Madame la Ministre de la Culture à la question parlementaire n°1445 de l'honorable Député Fernand KARTHEISER au sujet de l'annulation d'une table-ronde au Musée national de la résistance à Esch-sur-Alzette.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°1445 du 7 novembre 2019 de Monsieur Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État et de Madame la Ministre de la Culture à la question parlementaire n°1445 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER**

Als Äntwert op d' Froen 1 bis 4, verweist d'Regierung op d'Prisë de Positioun vum Resistenz Musée vum 11. November 2019. An dëser Prisë de Positioun detailléiere souwuel de President vum Verwaltungsrot wéi den Direkter vum Musée d'Evenementer déi zou der Ofso vun dësem Ronndëschgespréich gefouert hunn. Dës Prise de Positioun weist ënnert anerem drop hin, datt weder Drock vu baussen nach vu bannen ausgeübt ginn ass fir d'Gespréichsronn ze annuléieren.

Weiderhin verweist d'Regierung op d'Invitatioun vum Ronnendëschgespréich, déi déi verschiddenen Invitéeë vun dëser Table Ronde opzielt.

D'Décisioun fir e Ronndëschgespréich z'organiséieren oder ofzesoen läit eleng bei der Direktioun vum Musée.

Wat déi 5 Fro ubelaangt, esou referéiert sech d'Regierung op d'Deklaratioun vum Conseil vum europäesche Rot, vum 6. Dezember 2018. Dës Deklaratioun rifft d'Memberstaaten déi bis elo déi Definitioun vun der IHRA net ugeholl hunn, op, fir se ze adoptéieren. Dës Deklaratioun ass vun der Regierung ënnerstëtzt ginn a si ënnersträicht gläichzäiteg dass dëst eng reng Aarbechtsdefinitioun ass. D'Lëtzebuerger Regierung ass deementspriechend am Moment an de Viraarbechten vun der Adoptioun vun dëser Definitioun.

Bei den zwou leschte Froen, ass d'Regierung generell der Meenung dass Ronndëschgespréicher déi an engem Geescht vun Dialog, Toleranz, Respekt, an an der Ligne vun der Meenungsfräiheet sinn, den Débat public weiderbréngen.